LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

# COVID-19: Test-Dispositif an de Schoulen
## **Averständniserklärung fir d'Schouljoer 2021/22**
## **(Cycle 2 bis 4)**

*Dezember 2021*

Am Hibléck op d'Evolutioun vun der Pandemie zu Lëtzebuerg muss de sanitären Dispositif vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend fir d'Schouljoer 2021/22 ugepasst ginn. Den Testing-Dispositif an de Schoule gesäit vun elo u follgendermoossen aus:

- Grondzenario = kee positive Fall an der Klass
- Zenarioen 1 an 2 = 1 oder 2 positiv Fäll an enger Klass
- Zenario 3 = vum 3. positive Fall an enger Klass un
- Zenario 4 = Infektiounsketten an enger Schoul (méi concernéiert Klassen an/oder méi ewéi 5 positiv Fäll an enger Klass)

Esoulaang d'Klass am Grondzenario ass, maachen d'Schüler vun de Cyclen 2 bis 4 aus dem Fondamental an aus de Kompetenzzenteren an der Schoul dräi Antigène-Schnelltester an der Woch.

Am Kader vun den Zenarioen 1 an 2 gëllt:

- Déi infizéiert Persoun(en) ass (sinn)/gëtt (ginn) isoléiert.
- D'permanent Droe vun der Mask gëtt obligatoresch.
- D'Schüler, déi geimpft oder geheelt sinn, ginn net a Quarantän gesat; si kënnen um verstäerkten Testing deelhuelen.
- D'Schüler, déi weeder geimpft nach geheelt sinn, ginn net a Quarantän gesat, wann se all 24 Stonnen un engem verstäerkten Testing an der Schoul deelhuelen, dëst wärend 7 Deeg vum leschte Kontakt mat der positiver Persoun un.
- D'Schüler, déi weeder geimpft nach geheelt sinn an net um verstäerkten Testing deelhuelen, gi wärend 7 Deeg vum Kontakt mat der positiver Persoun un a Quarantän gesat. D'Quarantän gëtt duerch en negative certifiéierten diagnosteschen Test opgehuewen (op Ordonnance vum 6. Dag nom leschte Kontakt mat der positiver Persoun un).

Am Fall vun engem Zenario 3

- ginn déi infizéiert Persounen isoléiert.
- D'Schüler, déi weeder geimpft nach geheelt sinn, ginn a Quarantän gesat. D'Quarantän gëtt duerch en negative certifiéierten diagnosteschen Test opgehuewen (op Ordonnance vum 6. Dag nom leschte Kontakt mat der positiver Persoun un).
- Schüler, déi geimpft oder geheelt sinn, ginn net a Quarantän gesat an teste sech weiderhin 3 Mol d'Woch selwer an der Schoul; d'permanent Droe vun der Mask gëtt obligatoresch.
- D'Léieren à distance gëtt organiséiert, wann d'Majoritéit vun de Schüler vun der Quarantän betraff sinn.

Jee nodeem, wéi d'Situatioun mam Virus sech weiderentwéckelt, kann d'Sanitärinspektioun e Cluster-Testing vun der ganzer Schoul proposéieren. An dësem Fall ginn d'PCR-Tester vun de mobillen Ekippe vum Staatslaboratoire (LNS) duerchgefouert.

Eréischt wann Dir dem Titulaire vun der Klass d'Averständniserklärung virschrëftsméisseg ausgefëllt an ënnerschriwwen ofginn hutt, kann Äert Kand um Testing-Dispositif deelhuelen. Et sief drop higewisen, datt d'Averständnis zu all Moment schrëftlech ka ginn oder zeréckgezu ginn.

Informatiounen iwwer den Test selwer an d'Duerchféieren dovu fannt Dir op www.edutesting.lu. Um Site si Videoe mat Erklärungen, wéi den Test benotzt gëtt, a Froen an Äntwerten (FAQen) an e puer Sproochen.

Méi Informatioune fannt Dir um Site covid19.men.lu.

---

*Déi gesetzlech Virschrëften iwwer de Schutz vu persounebezunnenen Donnéeën, virun allem déi Rechter, déi de Persounen, déi vun der duerchgefouerter Veraarbechtung betraff sinn, unerkannt sinn (Recht op Zougang zu den Donnéeën, Recht op Löschung, Recht op Rektifikatioun vun den Donnéeën), kënnen ënner den entspriechende Bedingungen an ënner Virbehalt vun den Ausnamen an Derogatiounen, déi virgesi sinn, applizéiert ginn.*

*Wann Dir Froen iwwer d'Veraarbechtung vun dësen Donnéeën hutt oder Dir Är Rechter wëllt revendiquéieren, kënnt Dir den Dateschutzbeoptragten oder säin Delegéierte kontaktéieren (dpo@men.lu), andeem Dir Är Identitéit an déi vun Ärem mannerjärege Kand, wann de Fall et verlaangt, noweist (d. h. andeem Dir eng liesbar a valabel Kopie vun Ärer Carte d'identité a vun där vun Ärem mannerjärege Kand bei Ärer Demande matschéckt).*

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

COVID-19: Test-Dispositif an de Schoulen

**Averständniserklärung fir d'Schouljoer 2021/22**

**(Cycle 2 bis 4)**

*Dezember 2021*

Ech, deen heidrënner signéiert, d'Madamm/den Här*[1]

(Numm) ______________________________________________

(Virnumm) ____________________________________________

(Telefonsnummer) _______________________________________

Mamm/Papp/legale Vertrieder* vum

(Numm vum Schüler) ______________________________________________

(Virnumm vum Schüler) ____________________________________________

(Matricule vum Schüler) ___________________________________________

(Numm vun der Schoul) ______________________________________

(Klass) ______________________________________________

*(Kräizt d'Kas un, fir Ären Accord ze ginn)*

☐ **gi mäin explizitt Averständnis, datt mäin heidriwwer genanntent Kand um Testing-Dispositif, deen op der éischter Säit beschriwwen ass, deelhëlt, dat heescht sech wärend dem Grondzenario 3 Mol d'Woch selwer an der Schoul test, am Fall vun engem Zenario 1 oder 2 um verstäerkten Testing (all 24 Stonne wärend 7 Deeg) deelhëlt an un engem eventuelle Cluster-Testing (PCR-Test, deen duerch eng mobil Ekipp vum LNS duerchgefouert gëtt).**

Mäin Averständnis bréngt noutwendegerweis mat sech, datt d'Resultat vun all PCR-Test, deen an der Schoul gemaach gouf, an déi perséinlech Donnéeën (Numm, Virnumm, Matricule, Adress an Handysnummer) un d'Sanitärinspektioun weidergeleet ginn.

Duerch mäin Averständnis engagéieren ech mech, fir mäi Kand am Fall vun engem positiven Test an der Schoul esou séier wéi méiglech sichen ze kommen. Fir dat ze maachen, wëll ech, datt d'Schoul

d'Madamm/den Här*: ______________________________________________

iwwer d'Handysnummer: ______________________________________________

kontaktéiert.

***Andeems Dir dëse Formulaire areecht, akzeptéiert Dir, datt Är perséinlech Donnéeën esou wéi uewe beschriwwen traitéiert ginn.***

---

*Maacht wgl. e Krees ëm d'Mentioun, déi zoutrëfft.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Opgestallt zu (Uertschaft) ________________________________, den (Datum)

________________________________.

Ënnerschrëft ______________________________________________

**Dem Titulaire vun der Klass esou séier ewéi méiglech zeréckzeginn.**

*Déi gesetzlech Virschrëften iwwer de Schutz vu persounebezunnenen Donnéeën, virun allem déi Rechter, déi de Persounen, déi vun der duerchgefouerter Veraarbechtung betraff sinn, unerkannt sinn (Recht op Zougang zu den Donnéeën, Recht op Löschung, Recht op Rektifikatioun vun den Donnéeën), kënnen ënner den entspriechende Bedingungen an ënner Virbehalt vun den Ausnamen an Derogatiounen, déi virgesi sinn, applizéiert ginn.*

*Wann Dir Froen iwwer d'Veraarbechtung vun dësen Donnéeën hutt oder Dir Är Rechter wëllt revendiquéieren, kënnt Dir den Dateschutzbeoptragten oder säin Delegéierte kontaktéieren (dpo@men.lu), andeem Dir Är Identitéit an déi vun Ärem mannerjärege Kand, wann de Fall et verlaangt, noweist (d. h. andeem Dir eng liesbar a valabel Kopie vun Ärer Carte d'identité a vun där vun Ärem mannerjärege Kand bei Ärer Demande matschéckt).*